Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Ëmmer nees gesäit een an der Natur Plazen op deenen Dreck ofgelagert gouf. Dat geet vu Bauschutt, iwwer al Miwwel a Géigestänn bis iwwer organesch Offäll.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Kann d'Madamm Emweltministesch eis soen wéi vill där Fäll an de leschte fënnef Joer entdeckt goufen?*

- *Gëtt et an där Problematik regional Ënnerscheeder?*

- *A wéi ville Fäll konnten d'Auteure vun dësen Delikter identifizéiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| André BAULER<br>Deputéierten | Max HAHN<br>Deputéierten |